N°1796
Entrée le 14.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1796 vum 16. Januar 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

De Point de Contact National vun der OECD (LuxPCN) huet a senger leschter Stellungnam, sengem "Initial Assessment", ënnert anerem seng Begrënnung uginn, wisou dem FDC seng SICAV (an hiert Aktivitéitsfeld) als multinational Entreprise am Sënn vun den OECD Guidelines ze consideréieren ass an dass et dofir och ee Suivi beim LuxPCN gëtt an hirer Prozedur par rapport zur Plainte vu Greenpeace. Et handelt sech heibäi also em eng Appreciatioun am Kader vun enger éischter Analys axéiert op d'Recevabilitéit vun där Plainte.

De Verwaltungsrot vun der SICAV vum FDC huet d'Offer vun de "good offices" vu Säite vum LuxPCN ofgeleent, well en d'Qualifikatioun vun der SICAV als multinational Entreprise formell contestéiert. Doriwwer eraus contestéiert d'SICAV vum FDC och déi vu Greenpeace opgeworfe Punkten an huet dëst och am Laf vun der Prozedur beim LuxPCN schrëftlech a mëndlech erkläert. D'Argumenter déi d'SICAV geliwwert huet, kënnen an der 2. Editioun vum FDC sengem "Sustainable Investor Report", deen dëst Joer am Januar publizéiert gouf, nogelies ginn.

Duerch seng Entscheedung d'SICAV vum FDC als multinational Entreprise ze qualifizéieren, kann de LuxPCN elo zur eigentlecher Analyse vun der Plainte vu Greenpeace iwwergoen, dat heescht dass de LuxPCN eng Préiwung vun de Justifikatiounen an den Erklärunge vun den zwou Parteien ënnerhëlt, fir schlussendlech seng Conclusioun ze zéien ob déi Reproche justifizéiert sinn, oder net.

1. *Wéi bewäert de Minister d'Decisioun vum FDC, d'Mediatioun duerch den NCP ofzeleenen?*

Hei gëtt op d'Äntwert op d'Fro 3 verwisen.

2. *Wéi eng Moyene stinn der Regierung zur Verfügung fir de FDC dozou ze beweegen, seng Responsabilitéit am Kader vun den OECD-Richtlinnen unzeerkennen?*

Den FDC huet bis elo seng Aufgab als responsabelen Investisseur ëmmer erfëllt. An dësem Kontext publizéiert den FDC och all Joer een "Sustainable Investor Sheet", an deem ënner anerem den $CO_2$-Ofdrock vu sengen Investissementer gemooss gëtt. Zousätzlech kënnt all dräi Joer e "Sustainable Investor Report" eraus, deen ënnert anerem eng Etude zum Alignement vun den Investissementer mam Paräiser Ofkommes enthält. Béid Publikatiounen thematiséieren och d'Fortschrëtter bei nohaltegen Investissementer a stellen op eng transparent Manéier duer, wéi dës Investissementer déi international Normen, inklusiv d'OECD-Richtlinnen, respektéieren.

*3. Ass de Minister bereet, sech dofir anzesetzen datt dee FDC seng Positioun iwwerdenkt an un enger Mediatioun deelhëlt?*

De Verwaltungsrot vun der SICAV vum FDC ass zoustänneg fir d'Administratioun vun der SICAV. De Verwaltungsrot huet, aus senger Iwwerzeegung eraus dass eng SICAV keng multinational Entreprise ass, d'Mediatioun vum PCN ofgeleent.

*4. Gesäit de Minister eng Méiglechkeet fir en Dialog tëschent dem FDC an den ONGen iwwert d'Nohaltegkeetsstrategie vum Fonds ze organiséieren?*

Béid Verwaltungsréit, souwuel dee vum FDC wéi och dee vu senger SICAV, hu méi wéi eng Kéier betount, och am Kader vun der Prozedur virum LuxPCN, datt weder den FDC, nach d'SICAV, sech engem Dialog mat ONGe widdersetzen.

Eng zäitno Conclusioun vun der Prozedur virum LuxPCN kéint deemno och dozou féieren, datt esou een Dialog erëm kann opgeholl ginn.

Lëtzebuerg, den 14. Februar 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez